



RECU
Par Aff Christian, 16:46, 10/12/2020

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 10. Dezember 2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro zur Neizouloossung vun Autoe mat Verbrennungsmotoren un den Här Mobilitéitsminister weider ze leeden.

An deene leschte Méint hunn weltwäit verschidden Natiounen ugekënnegt Neizouloossunge vun Autoe mat engem Verbrennungsmotor ab engem bestëmmten Datum ze verbidden. Sou wëllen d'Hollänner schonn 2030 an d'Fransousen 2040 dësen Ausstig gepackt hunn, fir nëmmen des Länner ze nennen. Souguer am Autoland Bayern huet de Ministerpresident lautstaark iwwert en Verbuet bei den Neizouloossungen ab 2035 geschwat, nodeems Kalifornien dësen Austrëttsdatum genannt huet. Souguer eenzel Autoshersteller hunn sech scho vum Verbrennungsmotor verabschit. Sou huet Volvo scho säit 2019 opgehalen nei Verbrennungsmotoren ze entwéckelen a wäert Schrëtt fir Schrëtt aus dem Verkaf vu sou Motoren erausklammen. Och wann ee well d'Klimaneutralitéit zu Lëtzebuerg bis 2050 errechen, ass esou en Austrëttsdatum wichteg. Dobäi ass et och zentral, dass wann d'Regierung esou eppes plangt, dass dat mat Transparenz geschitt fir d'Akzeptanz bei de Leit ze erhéijen an gläichzäiteg hinnen d'Méiglechkeet gëtt sech doropper anzustellen.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Wéi ass d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung zu engem Verbuet bei Neizouloossung vun Autoe mat Verbrennungsmotoren?
- Plangt d'Regierung esou ee Verbuet a wann jo ab wéini ass sou ee Verbuet geplangt?
- Wann nee, wat sinn d'Grënn fir des Entscheidung?

Här President mir bidden Iech onsen déifste Respekt unzehuelen.

Paul Galles
Deputéierten

Jean-Paul Schaaf
Deputéierten



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 10 décembre 2020

Objet : Question parlementaire n° 3279 du 10.12.2020 de Monsieur le Député Paul Galles et de Monsieur le Député Jean-Paul Schaaf - Interdiction d'enregistrement de nouvelles voitures à combustion interne

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés



Luxembourg, le **13 JAN. 2021**

**Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement**

**Service Central de Législation
Luxembourg**

REÇU

Par Alff Christian , 17:22, 13/01/2021

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire N°3279 du 10 décembre 2020 des honorables députés Messieurs Paul Galles et Jean-Paul Schaaf, concernant l'interdiction d'enregistrement de nouvelles voitures à combustion interne, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics**

Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, François Bausch, a vum der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, Carole Dieschbourg, op d'parlamentaresch Fro n°3279 vum 10. Dezember 2020 vun den honorabelen Deputéierte Paul Galles a Jean-Paul Schaaf iwwert ee "Verbuet vun Neizouloossunge vun Autoe mat Verbrennungsmotoren"

An hirer parlamentarescher Fro ginn déi honorabel Deputéiert dorop an, dass weltwäit verschidden Natiounen ugekënnegt hu fir Neizouloossunge vun Autoe mat engem Verbrennungsmotor ab engem bestëmmten Datum ze verbidden a wëlle sech doriwwer informéieren, ob esou e Verbuet och zu Lëtzebuerg ugestriift gëtt.

Wat d'europäesch Reglementer a Saachen Homologatioun betrëfft, ass ervirzehiewen, dass zum haitegen Zäitpunkt kee Memberstaat engem Gefier, wat den aktuelle Virschrëfte vun den europäesche Reglementer entsprécht, eng Neizouloossung verbidden kann. Op dësem Punkt ass den Artikel 6, Paragraphe 5 vum "Règlement (UE) 2018/858 du Parlement européen et du Conseil du 30 mai 2018 relatif à la réception et à la surveillance du marché des véhicules à moteur et de leurs remorques, ainsi que des systèmes, composants et entités techniques distinctes destinés à ces véhicules, modifiant les règlements (CE) no 715/2007 et (CE) no 595/2009 et abrogeant la directive 2007/46/CE", wat d'Kader Reglement vun der europäescher Homologatioun duerstellt, kloer an deem Folgendes festgehalen ass:

"5. Les États membres ne peuvent interdire, restreindre ou empêcher la mise sur le marché, l'immatriculation ou la mise en service des véhicules, systèmes, composants ou entités techniques distinctes qui sont conformes au présent règlement, sauf dans les cas prévus au chapitre XI."

Kloer ass allerdéngs datt en vue vun den ambitiësen Zieler, déi d'europäesch Unioun an am spezielle Lëtzebuerg sech am Beräich vum Klimaschutz ginn hunn, eng séier Dekarboniséierung vum Transportsektor noutwenneg ass. Dohier ass et wichteg datt all Memberstaat konkret Mesuren hält fir dës Transitioun zu engem méi nohaltege Fuerpark schnellstméiglecht ze erreechen. Eng Rei europäesch Länner hunn an dësem Zesummenhang e kloert Signal gesat an annoncéiert ee Verbuet vun Neizouloossunge vun Autoe mat Verbrennungsmotoren unzestriewen, woubäi dëst ouni eng Upassung vum harmoniséierten europäesche Kader net méiglech schéngt. Lëtzebuerg huet sech dës Memberstaaten ugeschloss an dës Positioun och formell am Kader vum integréierten Energie- a Klimaplang (PNEC) festgehal: *"Luxemburg wird für ein Verkaufsverbot von Fahrzeugen mit Verbrennungsmotor auf EU-Ebene ab 2030 eintreten."* En attendant datt et zu esou engem Verbuet op EU Niveau kënnt, wäert d'Regierung hier Effort'en fir de Kaf an d'Notze vun Nullemissiounsautoen ze promovéieren weiderféieren.

An dësem Zesummenhang huet d'Regierung sech ambitiësen Ziler gesat wat d'Elektrifizéierung vum Lëtzebuerg Fuerpark ugeet. Sou gesäit de PNEC fir 2025 vir, dass ongeféier 23% vun den zu Lëtzebuerg zougeloossene Persouneween (Kategorie M1) sollen Elektroautoe sinn an dass dësen Taux bis 2030 bis op 49% klëmmt. Ufank Dezember 2020 louch den Undeel un Elektroautoen nach knapp ënnert 2%.

Fir d'Ziler aus dem PNEC ze erreeche gëtt d'Uschafung vun engem neien 100% Elektroauto de Moment mat enger Primm vun 8.000 € ënnerstëtzt. Dozou kommen nach Mesurë bäi, wéi zum Beispill eng Primm vu bis zu 50% vun de gesamten Uschafungskäschten an d'Installatioun vu private Luetbornen. Dës Mesur si lues awer sécher am gaangen hir Friichten ze droen. Esou goufen eleng 2020 5.158 nei Elektroautoen immatrikuléiert (100% Elektroautoen: 2.473; Plug-in Hybride: 2.685), wat 11,4% vun de neien Immatriculationen entsprécht.